

Lëtzebuerg, den 19. September 2020

Resolutioun iwwert d'Individualitéit an der Schoul

Educatiounskommissioun

(Original Versioun)

Am Artikel 29 vun der Kannerrechtskonventioun¹ vum 20. November 1989 gëtt erkläert, datt all Kand d'Recht op Educatioun huet, déi em erlaabt, sech selwer ze verwierklechen a seng jeeweileg Fäegkeete genausou wéi säi Potenzial ze entwéckelen. Et läit op der Hand, datt dëst Recht nëmmen duerch eng fräi an individuell Bildung erméiglecht ka ginn. Opgrond dovun wäert dës Resolutioun sech mat dem oft ënnerschaten Thema vun der Individualitéit an der Schoul beschäftegen.

Individualitéit bedeit net nëmmen, d'Schüler net ze generaliséieren, mee och hir Stärken ze férdere, hir Schwächen ze erkennen an hiren Interessie gerecht ze ginn, fir hinne sou d'Dieren zu enger selbstbestëmmter Zukunft opzemaachen.

Och wa vereenzelt positiv Aspekter an eisem System ze fanne sinn, ewéi zum Beispill d'Sektiounen an zum Deel och d'Optiounen, sou muss eis Kommissioun dach leider e schwéieren Individualitéitsdefizit am Enseignement secondaire bedauern.

Dës Resolutioun befaasst sech zu engem groussen Deel mam Youth Goal #8 („Qualitativ héichwäerteg Léierméiglechkeeten“), e Resultat vum Europäesche Jugenddialog.

D'Jugendparlament,

- A. bedauert, datt d'Schüler oft net bei der Opstellung vun den Optiounsfächer agebonnen an domadder d'Interessie vu ville Schüler net berécksiichtegt ginn.
- B. stellt fest, datt d'Participatioun bei periscolairen Aktivitéiten net ënnerstëtzt gëtt.
- C. mécht op den onflexibele Schoulprogramm opmierksam, dee sech net individuell un d'Interessie vun de Schüler upasse kann.

¹ <https://www.ohchr.org/fr/professionalinterest/pages/crc.aspx>

- D. erkennt, datt d'Schüler sech opgrond vun de Klassemoyennen a Placéierunge souwuel, wat d'Tester wéi och de Bilan ubelaangt, ënnertenee vergläichen an doduerch demotivéiert ginn.
- E. stellt ausserdeem fest, datt d'ëffentlech Matdeelung vun den Notte virun der Klass zu Vergläicher ënnert de Schüler an Demotivatioun féiert.
- F. bedauert, datt et keng präzis Evaluatioun vun de Kompetenze gëtt, déi dem Schüler transparent a schrëftlech matgedeelt gëtt.
- G. ass besuergt, datt eng onequilibréiert Verdeelung vun den Hausaufgaben en ze héijen Drock a Stress op d'Schüler auswierkt.
- H. erkennt, datt et keng ausgeschafft Reglementatioun² vun den +/- 4 Bonuspunkte gëtt.
- I. stellt fest, datt Schüler, déi Nohëllefscoursë wëlle ginn, net genuch vun de Lycéeën ënnerstëtzt ginn.
- J. bedauert, datt keen obligatoreschen Austausch iwwert d'schoulesch Entwécklung tëschent Schüler an Enseignant um Enn vum Trimester/Semester stattfënnt.

D'Jugendparlament,

- 1. verlaangt, datt d'Schüler Afloss drop kréien, wat fir eng Optiounen dat nächst Joer ugebuede ginn.
- 2. fuerdert, datt d'Participatioun bei periscolairen Aktivitéiten duerch Plus-Punkten um Enn vum Joer ervirgehewe soll ginn.
- 3. erwaart, datt d'Klassen de Programm vum Joer matgestalte kënnen,
 - a. D'Schüler sollen aus enger Auswiel Bicher, déi um Programm stinn, entscheede kënnen, wat fir eng si behandle wëllen.
 - b. Den Enseignant soll de Programm individuell u seng Klass upasse kënnen, wann e feststellt, datt seng Klass un engem Thema besonnesch interesséiert ass.
- 4. verlaangt, datt d'Klassemoyennen an d'Placéierunge souwuel an de Prüfungen ewéi och op der Zensur komplett ofgeschafft ginn.

² Règl. g.-d. du 21 août 2017

- a. Amplaz vun der Klassemoyenne soll eng sougenannten „Schülermoyenne“ ageféiert ginn, déi op all Test steet. Dëst ass eng individuell Moyenne, déi sech mat all neier Nott vum Schüler an engem Fach aktualiséiert, soudatt de Schüler eng besser Iwwersiicht iwwert seng Punkten, Leeschtung an Entwécklung huet.
5. fuerdert e Reglement, dat den Enseignantë verbitt, d’Nott an der Klass ëffentlech hierzeginn.
 6. proposéiert,
 - a. datt een eng Bewäertung vun de jeeweilige Kompetenzen an deene verschiddene Fächer, änlech wéi am Cycle fondamental, däitlech am Bilan soll duerstellen.
 - b. datt een d’Rubricen „Application“ an „Conduite“ och duerch verschidde weider sozial Kompetenzen ausbaue soll, wéi ënnert anerem: Matschaffen, Aarbechtsopwand an Teamgeescht.
 7. schléit vir,
 - a. datt d’Schüler um Ufank vun der Woch hir Hausaufgaben iwwert en digitale Wocheplang matgedeelt kréien.
 - b. datt d’Hausaufgaben ab der Troisième net méi obligatoresch solle sinn. D’Schüler kënnen allerdéngs nach obligatoresch Exercicer an engem bestëmmte Fach kréien, wa si an deem Fach eng „Schülermoyenne“ vun ënner 38 hunn.
 8. erwaart,
 - a. d’Ëmsetzung vun engem eenheetleche Bewäertungs- a Verdeelungssystem vun de +/- 4 Bonuspunkten op der Trimester- oder Semester Moyenne duerch eng besser ausgeschafft Reglementatioun.
 - b. eng Bewäertungsfiche, déi d’Enseignanten ausfüllen an dem Schüler aushännege mussen, fir dem Schüler ze erklären, wou dëse Plus- a Minuspunkte verluer oder kritthuet.
 9. recommandéiert, datt d’Nohëllef vu Schüler fir Schüler, déi vun de Lycéeën organiséiert gëtt, gefërdert gëtt, andeems
 - a. de Schüler, deen d’Nohëllef gëtt, vum Ministère de l’Education nationale, bezuelt gëtt, a sou de Schüler, deen d’Nohëllef kritt, net bezuele muss.
 - b. de Schüler, deen d’Nohëllef hält, een Diplom zum Schluss vum Schouljoer kritt.

10. setzt sech dofir an, datt den Enseignant sech um Enn vun all Trimester/Semester mam Schüler zesummesetzt, fir him e perséinleche Feedback iwwert seng Leeschtung am leschten Trimester/Semester ze ginn an him ze weisen wéi e sech verbessere kann.

D'Jugendparlament ass der Meenung, datt de Schoulsystem momentan d'Intelligenz an d'Kompetenz vun all Schüler op eng einfach Nott erofstuuft, déi sécherlech net säi ganz Potenzial zeréckspigelt. Aus dësem Grond fuerdere mir, datt de Schoulprogramm méi individuell op d'Stärkten an d'Interessie vun de Schüler ugepasst gëtt, datt d'Schüler d'Méiglechkeet kréien, Feedback wärend perséinleche Gespréicher vum Enseignant ze kréien an datt d'Schüler méi staark op hir Kompetenze bewäert ginn an dat och transparent matgedeelt kréien. Dobäi ass et eis wichteg, datt net virun neien an innovativen Iddien, ewéi zum Beispill enger individuell bezunne Schülermoyenne, zeréckgeschreckt gëtt. D'Schoul ass kee Concours, wou d'Schüler sech géigesäiteg duerch Notten, Klassemoyennen a Placéierunge vergläichen. Mir brauchen e System, deen all Stärkt a Schwächt vun all eenzele Schüler individuell behandelt an en dozou motivéiert, sech zu der beschter Versioun vu sech selwer ze entwéckelen.

Mat dëser Resolutioun wëlle mir lech weisen, datt mir eis endlech un den Dësch musse setzen, fir déi wichteg Thematik vun der Individualitéit ze diskutéieren an de Schoulsystem nohalteg innovativ ze gestalten. Et ass un der Zäit, datt de Schüler de Schläifstee selwer an de Grapp kritt a sech zu sengem eegene Konschtwierk bilde kann.